OAI

ORDRE DES ARCHITECTES
ET DES INGENIEURS-CONSEILS

## Wie baut, baut fir eis all.

*Ass de Bauhär sech senger gesellschaftlecher Verantwortung bewosst?*

*Dofir ass et richteg vun Ufank u mat onofhängege Beroder am Vertrauen zesummen ze schaffen.*

*De Bauhärepräis OAI 2020 zelebréiert eis Baukultur. Alles ënner [www.bhp.lu](http://www.bhp.lu)*

*Vum **Pierre HURT** Directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils*

# Wie baut, baut fir eis all.

Den **nobele Rôle vum Bauhär** am Sënn vun eisem Zesummeliewen
sollt jiddereen ausfëlle kënnen.

Well wie baut, mécht dat fir sech, seng Famill, awer dat huet en immensen Impakt op dat ganzt gesellschaftlecht Ëmfeld: Environnement, Vivre-ensemble, Kultur, Ekonomie,….

Säit 2000 gëtt all véier Joer de **Bauhärepräis vum Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils** organiséiert .

Elo also déi 6. Editioun, fir just eben Bauhären an de Mëttelpunkt ze stellen.

Ouni déi näischt entsteet.

Trotz der Covidkris hunn 257 privat an ëffentlech Bauhäre mat hirem Architekt an Ingenieuren eng Kandidatur eragereecht.  Déi exemplaresch Zesummenaarbecht vun der Koppel **Bauhär / Konzepteuren, an hire gemeinsame Beitrag fir eise Cadre de Vie gëtt ausgezeechent.**

Och fir zukünfteg Bauhären ze inspiréieren an ze motivéieren.

Vum **7. Juli un ass d' Pop-up Expo Bauhärepräis** mat alle Kandidaturen am Postgebai Aldringen an der Stad ze gesinn. No dëser 1. Phase, ginn dann am September d' Laureate gewisen.

OAI

ORDRE DES ARCHITECTES
ET DES INGENIEURS-CONSEILS

**Dëse Präis gëtt ons déi formidabel Geleeënheet fir d'Aart a Weis ze diskutéieren wéi mir bauen an zesummeliewen**.

D'Prix spéciaux vum Bauhärepräis weisen déi aktuell Themen: De liewegen Ëmgang mam Patrimoine, Energetesch Renovéierung, nei Wunnformen, Accessibilitéit vun den Gebaier, de Courage vum Bauhär jonke Konzepteuren eng Chance ze ginn.

D'Ëmsetze vun der Zirkularwirtschaft an der Regioun ass eng immens Erausfuerderung.

Mir sinn um richtege Wee, villes ass scho beweegt ginn. Et feelt awer heiansdo nach u **Koherenz an un der néideger Endurance** fir ons Problemer am Logement, an d'Feele vu Bauterrainen méi séier ze léisen.

Mir mussen oppassen, dat de **Bau net nëmmen op eng reng kommerziell an industriell Schinn gedrängt gëtt.**

A besonnesch no dëser Kris sollten mir ons Moyenen intelligent a gerecht asetzen.

**Dofir brauche mir eng wäitsiichteg, gutt, detailléiert Planung vun onofhängege Fachleit am Dialog mat de Bauhären a de Bierger.**

Wa mir eppes elo geléiert hunn, dann dëst:

Deen ze oft gebrauchte Saz „Et ass net méiglech, et gëtt keng Alternativ" ass meeschtens falsch. **Alles ass méiglech.**

D'Kris huet eis fir kuerz Zäit aus dem rasenden an e richtege Stëllstand versat, déi Léieren, déi mir do gemaach hunn, sollten mir elo net ze séier erëm vergiessen.

Komm mir ginn et un, mat Courage

**Pierre HURT**

XXX OAI
OAI 30 ANS LUXEMBOURG 2020

BAUHÄREPRÄIS OAI 2020